
## Koschter

Vu kathoulescher Säit (SeSoPI) a vun der nët-kathoulescher Dages- a Wochepress, suguer vum Premierminister, gouf mat Recht géint den Amalgam vu Flüchtlinge a Jugendkriminalitéit a Saache Sëcherheet vum Bierger duerch den CSV-Stadverband protestéiert, deen anscheinend wëlles huet, mat den Angschtgefiller vun de Bierger ze spillen, fir eng ganz riets Walkampagne ze féieren. Suguer di Stater Buergermeeschtesch schéngt esou eng Entwécklung ze fäerten - well dat Thema bis elo vun hirer Partei eleng besat gouf? - oder wéisou wor si op der Bouneweger Walversammlung vun der Konkurrenzpartei präsent? Komescherweis huet bis elo kee sech dru ge-stouss, dass zu Bouneweg och di Stater Polizeikommissärin héich offiziell op der Tribün souz. As dat nei, dass héijer Polizeioffizéier sech däerfe fir Walpropaganda aspane loossen?

**m.p.**



De Koschter hat schons drop gewaart. All Kéier, wann di rationell Argumenter ausgin, gët mam rouden Hummer ëm sech gefacht. Dann as fir d'LW-Redaktioun jiddereen, dee nët mat de NATO-Strategen d'accord as, e Kommunist oder dat naivt Affer vun der kommunistescher Propaganda, och wann ët längst keng Kommuniste mi gët, di nach kënnte Macht ausüben. Den 2. Abrël 1999 huet also den lz an engem Leitartikel missen zougin, dass ëm d'Argumenter ausgaang sin. An da gi keng Rücksichte geholl, nët emol op de Poopst. Well deen huet - wi dee selwechtent Dag op der Säit 1 ze liese stong - fir eng schnell Feierpaus opgeruff, well di militäresch Gewalt absolut kee Problem ka léisen. ("Le recours à la force représente sans doute une défaite de la diplomatie, tant il est vrai que la violence armée n'est jamais une solution digne de l'homme quand il s'agit de résoudre des différends politiques, économiques ou sociaux" heescht ët am Vatikan sénger Erklärung, di een Dag mi spéit ofgedréckt gouf.) Logescherweis as de Poopst als kommunistesche Propagandist unzegesin: on aura tout lu!

**m.p.**